ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Wéi mir zougedroe gouf, dierfen zukünfteg Pappen hir Partnerin wéinst de COVID-Restriktiounen aktuell net an den Ultraschall begleeden. Den emotionale Wäert vu sou Momenter ass allerdéngs net ze ersetzen a kënnt och net méi rëm.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un d'Madamm Gesondheetsminister:

1) Op wéi enge gesondheetspoliteschen Iwwerleeunge baséiert dës Entscheedung? Wéi eng Plus-value entsteet duerch des Entscheedung, wann ee kann dovun ausgoen, datt béid Elteren an engem Stot liewen?
2) Wéi goufen déi potenziell Schied vun der psychologescher an der physescher Gesondheet hei géint en een ofgewien?
3) Kéint d'Madamm Gesondheetsminister sech virstellen, eng däraarteg Begleedung ënnert der Oplag ze erlaben, datt déi zukünfteg Pappen sech just zur Zäit vum Rendezvous selwer an der Praxis ophalen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten